den Fly - Fishing Club Lëtzebuerg

am Bräurop zu Mittersill

Vum 4. bis den 8. Oktober 2014 haten sech 6 Memberen / Kollegen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg op den Weë gemeet fir ee puer flotter Deg beim Méckenfëschen an Éisterräich ze verbréngen. Nodeems d´Équipe ronderëm den Eugéne Quaring, den Marc Duton, den Jemp Hoffmann, den Fränz Meis, den Jemp Nicolas an den Luss zesummen fond hat, hun mir eis schon traditioneller Weis zu Schëndels an der Pizzeria géigeniwwer vum Schlass getraff fir ze beschwätzen ewei mir dat Ganzt willten ungoën. Schon hei huet sech herausgestallt dass sech sechs Kollegen fond haten déi gudd mateneen konnten an esou haten mir schon een ganz lëschtegen Owend verbruecht ewou vill gelaacht gin ass an nach méi euphoresch Pläng gemeet gin sin. Mir hun dann och festgehalen dass mir eis den Dag vun der Unrees zu Diddeléng op der Grenz wollten treffen fir dann eis Rees op Mittersill unzegoën. Mir haten eis an zwou Équipen opgedeelt an hun schon um Virowend d´Autoën gepaackt an konnten dun Moies gudd ausgerouht eis Aventure ungoën.

Nodeems mir déi ronn 740 km laang Unrees an 8 Stonnen hannert eis bruecht haten, hun mir eis op der Terrasse vum Hotel Bräurup aus der hauseegener Brauerei een gudden dréiwen Béier zerwéieren geloos. Esou gestäerkt hun mir eis dun an der Rezeptioun angescheckt an sin unschléissend nach op den Hintersee gefour fir eis ee bëssen erun ze taaschten un dat wat eis déi nächsten Deg erwuarden soll. Mir haten super Wieder erwëscht wat natirlech mat sech bruecht huet dass och vill anner Fëscher dovunner profitéiert haten fir nach kuurz virun der Schounzäit fir d'Flëss déi den 15. Oktober unfänkt, nach éng leschten Kéier ee puer schéin Stonnen beim Waasser ze verbréngen zeemols ewou dach d'Salzach, den Haaptfloss am Pinzgau, esou gudd Konditiounen gebueden huet ewei ech se perséinlech nach net virfond hun.

Esou ass eisen éischten Dag mat éngem gemitlechen Owendiessen zu Enn gaangen bei deem mir natirlech schon den Plang fir den nächsten Dag opgestallt hun an dodernieft, ewei kéint et och anneschters sin, ee bëssen an der Vergaangenheet geschwieft sin an deementspriechent sin dun och Erliewnesser aus déier Zäit opgefrëscht gin.

Eisen éischten Fëscherdag ass dun mat éngem ausgiebegem Frühstück ungaangen, duerno hun mir eis op den Weë gemeet op den Hintersee. Hei unkomm hun mir eis Staangen opgeriicht an schon ass et las gaangen. Et huet sech séier gewisen dass, bedéngt duurch déi vill Fëscher déi hei an leschter Zäit gefëscht haten, d´ Fëschen guer net esou einfach wor an wann och d´Saiblingen am Hintersee net ganz grouss gin dofir awer un Farw an Schéinheet net ze iwwertreffen sin. Mir hun hei Jidereen séng Fësch gefaangen an hun unschléissend beschloss nach een kléngen Ofstiecher op den Elisabethséi ze ënnerhuelen ewell dësen an der direckter Nooperschaft läit an hei d´Fësch dach vill méi déck gin. Och op dësem Séi hun mir ee puer schéin Forellen an Saiblingen gefaangen ewoubäi een och hei konnt gesin dass vill an leschter Zäit op dësem Séi gefëscht gin wor.



Natírlech woussten mír den Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg wírdég ze vertrieden an ech méngen d'Wírtsleít wëssen elo och an Éísterräích dass et bei onseren Sortiën net nëmmen ëm d'Fëschen oder ëm d'Unzuel vun den gefaangenen Fësch geet, villméi wëllen mír gären ee puer schéín an geselleg Amenter an beschter Komerodschaft verbréngen an wat gehéíert dann natírlech dozou..... An dat hun mír dann och richtég ausgelíeft wat bei deem schéínen Wieder och net schwéier wor an esou hun d'Pausen dann och ewei ëmmer ee bëssen méi laang gedauert.

Den zweeten Dag haten mir den Finkauséi um Programm stoën, dësen Séi läit op der Gerlos Seenplatte, éngem Héichdal dat op 1500 meter läit an ewou schon erléng den Weë dohinner laanscht d´Krimmler Wasserfälle an iwwert den Gerlos Pass mat séngen flotten Serpentinen, richtég flott ass. Niewend der Schéinheet vum Séi an der Ëmgéigend an déier dësen läit, ass den Finkauséi awer haaptsächlech wéinst séngen décken Äschen an formidabelen Séiforellen bekannt. Wann een éierlech ass sin Dës zwar net esou einfach ze iwwerlëschten mée wann een den Dréih eraus huet kann een och hei schéin déck Fësch fänken. Bei onserem Openthalt sin objidverfall dräi schéin Äschen, dräi Séiforellen an vill schéin Saiblingen an Baachforellen vun ons Alleguer gefaangen gin. Och um Finkauséi woren vill anner Méckenfëscher aus villen verschiddenen Natiounen ewei Schwäizer an Belsch, mée och dat mécht den besonneschen Flaire op den Strecken vum Hotel Bräurup aus



Ofschléissend méngen ech dass et eis vergönnt wor ee puer wonnerschéin Deg an den éisterräicher Bierger ze verbréngen, mir hun eis beschtens verstaanen an wann och d´Fësch ee bëssen zickég woren, den leschten Dag den Fönn

eis esou ëm d´Oueren gebloosen huet dass zeguer zwou Fëscherkaapen elo um Grond vum Hintersee leien an dodernieft d´Krimmler Ache, déi mir eis als Ofschloss fir den drëtten Dag virgehol haten, net ze fëschen wor ewell gebaggert gin wor, et awer een onvergiesslecht Erliewness bleiwt dat méng Begleeder hoffentlech och als solches zeréck behalen wäerten.